LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 OCT. 2019

Luxembourg, le 4 octobre 2019

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**L-2450 LUXEMBOURG**

n. réf.: A37.2111.19

**Objet : Question parlementaire n°1112**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 OCT. 2019

**Gemeinsam Äntwert vum Verdeedegungsminister a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Häre François Bausch a Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nummer 1112 vum 26. August vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

Zur Fro 1:
D'COPRAL-Coursë (Cours de préparation à l'Armée luxembourgeoise) sinn 2016/2017 am Lycée Technique vun Ettelbréck (LTETT) agefouert ginn; zanterhier waren 263 Persounen ageschriwwen. Well awer just dräi Klassen mat maximal 45 Schüler pro Trimester kënnen um COPRAL deelhuelen, esou hunn schlussendlech tëscht der Schoulrentrée vu September 2016, Ufank vun der éischter COPRAL-Klass, an Abrëll 2019, 101 Schüler de COPRAL duerchlaf. Vun deenen hunn der 48 d'Course gepackt an 39 hunn d'Musterung fir de fräiwëllege Militärdéngscht bei der Arméi gepackt. Dat heescht, ongeféier 39% sinn no dem COPRAL an d'Instruction de base vun der Arméi zougelooss ginn. En éischte Bilan weist, dass mir et fäerdeg bruecht hunn, dëse jonke Leit eng Hëllef unzebidden an hinnen nei Perspektiven ze ginn.

D'Schüler bleiwen an der Moyenne 1,3 Trimester am Lycée. Een Ophale virun den 2 Trimester Reegelzäit ass entweder duerch fréizäitegt Packe vun der Musterung, eng Reorientation oder duerch Ophale bedéngt.

D'COPRAL hëlt virun allem Schüler, déi dacks aus ganz schwierege Verhältnisser a Situatioune kommen, do of, wou se stinn. Physesch a schoulesch sollen d'Schüler an hirem Rhythmus erëm op Leeschtung virbereet ginn. Et gëtt eng Opbauaarbecht geleescht, et ass awer keng Promotioun am klassesche Sënn virgesinn; et ass also schwéier, vu moossbare Resultater ze schwätzen. D'Enseignanten, déi déi Klasse begleeden, kënne soen, datt am Allgemengen no deenen zwee Trimesteren ee sichtbare Fortschrëtt ze verzeechnen ass.

Zur Fro 2:
Sou wéi et och bei anere Pilotprojete virgesinn ass, wäert nach eng méi präzis Evaluatioun vun de COPRAL-Coursë virgeholl ginn, dëst am Laf vum aktuelle Schouljoer; fält déi Evaluatioun positiv aus, wäert de Projet eng gesetzlech Basis kréien. Et ass allerdéngs net d'Zil vun der Regierung, eng „virmilitäresch Educatioun" unzebidden.

Zur Fro 3:
Eng Regionaliséierung vun de COPRAL-Coursë schéngt nëmme schwéier méiglech ze sinn. An deem Kontext muss een drop hiweisen, datt de Lycée Technique vun Ettelbréck aus logisteschen an administrative Grënn ausgewielt ginn ass, fir de Pilotprojet vum COPRAL ze lancéieren. D'Schüler vum COPRAL huelen eemol an der Woch u verschiddenen Aktivitéiten an der Kasär deel, a gi wärend dem Dag speziell vu Militärkaderen encadréiert, esou dass et vu Virdeel ass, eng Schoul no bei der Kasär ze hunn. Nieft deene méi laangen Transportweeër schwätzt och de Mangel u Personalressourcë géint eng Regionaliséierung vum COPRAL.

Zu de Froen 4 a 5:
Iert en definitive Bilan gezunn ass, erschéngt et net sënnvoll, en Ausbau vun de COPRAL-Coursen zu enger richteger Filière am Unterrechtswiese virzehuelen.

Zur Fro 6:
De sportleche Programm gëtt vun de Sportsinstruktere vun der Arméi an de Sportsprofessere vum LTETT opgestallt, dëst an Zesummenaarbecht mat de Responsabele vum Luxemburg Institute of Health (LIH). Wärend dem COPRAL hunn d'Schüler 8 Stonnen Sportunterrecht pro Woch, dovunner ginn der zwou an der Kasär ofgehalen. Fir un den Sportsaktivitéite bei der Arméi deelzehuelen, gëtt ee medezinesche Certificat vum Militärdokter ausgestallt, deen déi medezinesch Aptitude vun de Kandidate festleet. Esou ass et garantéiert, dass d'Schüler vum COPRAL ee progressiven an kohärente Sportsprogramm duerchlafen, an dat och mam Zil d'Sportsepreuven an der Musterung besser kënnen ze bestoen.

Zur Fro 7:
Informatiounen zu de COPRAL-Coursë sinn op de Websäite vum Lycée Technique vun Ettelbréck a vun der Arméi ze fannen, doriwwer eraus och am Informatiounsbüro vun der Arméi (BIA). De Projet gouf och op enger Réunion plénière vum Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) virgestallt, wou Vertrieder vu sämtleche Services psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) vum Land präsent waren. Informatioune si weiderhin un d'Cellules d'orientation aus de Lycéeën an d'Antennes locales pour jeunes (ALJ) gaangen.